ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 07. November 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premierminister, déi Häre Vize-Premierministeren an un d'Madame Familljeminister weiderzeleeden.

Bei dëser parlamentarescher Fro geet et ëm kommerziell Aktivitéiten vun der Madame Minister Cahen. Duerch en Artikel op „rtl 5 minutes" vum 15.01.19 gëtt ee gewuer, datt d'Madame Minister Cahen en Appartement op der Plattform AirBnB ugebueden huet. An hirer Interessenerklärung op der Spaweckssäit vun der Regierung ass dës kommerziell Aktivitéit vun der Madame Minister Cahen net renseignéiert.

An dem Kontext wollt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Wéi ass d'Positioun vun der Regierung zu kommerziellen Aktivitéiten vun hire Memberen? Ass eng Aktivitéit op AirBnB compatibel speziell mat dem Artikel 4 vum Deontologieskodex vun der Regierung den iwwer „*conflits d'intérêt potentiels*" geet?
2. Wéi steet d'Regierung dozou, datt d'Madamm Minister Cahen déi kommerziell Aktivitéit net op hirer Interessenerklärung publizéiert huet?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten